N°8314
Entrée le 05.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro n°8314 vum 13. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel iwwert de Congé pour raisons familiales**

*- Ass d'Regierung net der Meenung dass een e Congé ënner gewësse Konditiounensollt virgesinn och oder grad wann d'Kand net hospitaliséiert ass?*

Den Dispositif vum *Congé pour raisons familiales* (CPRF) ass als Spezialcongé an den Artikele L.234-50 bis L.234-54 vum Aarbechtsgesetzbuch (Code du travail) definéiert a gereegelt.

De Code gesäit och vir, dat eng Verlängerung méiglech ass am Fall vun enger „maladie ou […] une déficience d'une gravité exceptionnelle » déi an engem groussherzogleche Reglement definéiert sinn. Ënner anerem ass bei enger Hospitalisatioun vun op mannst 2 Wochen oder bei enger Kriibserkrankung esou eng Verlängerung méiglech.

Dëse Reglement staamt ursprénglech aus dem Joer 1999. Fir dat dës Dispositioune besser un déi aktuell a zukünfteg Besoinen alignéiert sinn, hunn de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an de Ministère fir sozial Sécherheet eng Revisioun vun den Dispositioune lancéiert gehat. Dës Aarbechten si nach am gaangen a betreffen esouwuel déi legal ewéi déi reglementaire Dispositiounen.

Dobäi ass ënner anerem virgesinn eng méi grouss Flexibilitéit ze erméiglechen a Fäll wou eng Presenz vun den Elteren néideg ass am Krankheetsfall vun engem Kand.

*- Kéint een de congé social net och virgesinn vir déi Leit déi am privaten secteur schaffen?*

Zousätzlech zu den Aarbechte fir den Dispositif vum CPRF ze iwwerschaffen, gouf fir déi genannte Fäll eng weider Mesure am Aarbechtsgesetzbuch agefouert. Esou huet de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft de Gesetzesprojet n° 8016 ausgeschafft, deen den 11. Juli 2023 unanime an der Chambre des Députés gestëmmt gouf an den 21. August 2023 a Kraaft getrueden ass.

D'Gesetz vum 15. August 2023[1] gesäit am Fong 2 nei Congéë fir.

[1] Loi du 15 août 2023 portant modification :
1° du Code du travail ;
2° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;
3° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1158 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 concernant l'équilibre entre vie professionnelle et vie privée des parents et des aidants et abrogeant la directive 2010/18/UE du Conseil.

Den éischten ass de *„congé d'aidant"*. Hei handelt et sech ëm e Congé vu 5 Deeg pro Joer deen de Salarié kann huele fir e Familljemember ze fleege wann dëse méi schwéier krank ass an Hëllef brauch. Dorënner falen d'Kanner, de Pap an d'Mam oder de Conjoint oder Partner vum Salarié.

Den zweeten ass de *„congé pour raisons de force majeure liée à des raisons familiales urgentes en cas de maladie ou d'accident rendant indispensable la présence immédiate du salarié*" deen de Salarié kann huele wann hie wéinst familiäre Grënn direkt muss present si well e Familljemember en Accident hat oder krank ass. Hei handelt et sech ëm e Congé vun engem Dag pro Joer.

Soumat hunn d'Leit och elo d'Méiglechkeet present ze si wann hier Kanner iwwer 13 Joer krank sinn an net hospitaliséiert an d'Leit aus dem private Secteur hunn och elo d'Méiglechkeet fir sech Congé ze froe fir engem Familljemember ze hëllefen.

Ausserdeem gesäit dat Gesetz och nach fir dat e Salarié deen op mannst 6 Méint op senger Schaff agestallt ass an deem seng Kanner nach keng 9 Joer hu ka méi flexibel Aarbechtsstonnen ufroen.

Lëtzebuerg, den 5. Oktober 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen